



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Am Kader vun der Froestonn vum 13.06.2024 wéilt ech dem Minister fir Finanzen eng mëndlech Fro stellen.

Ufank Juni gouf annoncéiert, dass fir déi éischte Kéier zënter 5 Joer de Leetzëns ëm 0,25 Prozentpunkten erofgesat gëtt. Wann de Leetzëns erofgeet, gëtt et normalerweis och op de Banke méi bëlleg, Suen ze léinen. Fir Persounen, déi e variabelen Taux op hirem Prêt hunn, ass dat eng positiv Noriicht, fir Persoune mat engem fixen Taux ännert sech näischt. Gläichzäiteg ginn domat awer och d'Zënsen op de Spuerkonten erof.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Hunn d'Banken hei am Land déi méi niddreg Zënsen op de Prêten direkt un hir Clientë weiderginn?

- Wa nee, firwat ass dat nach net gemaach ginn?
- Wa nee, ass geplangt bei de Banken ze intervenéieren, fir si dozou ze incitéieren, d'Baisse op den Zënsen sou séier wéi méiglech un hir Clientë weiderzeginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

